

Eis Sprooch virun 100 Joer

Do kann ee mir äntweren, 1914 wier dach vrun allem den Ufank vum Éischte Weltkrich gewiescht, mat deem eng Zäit ugefaang hätt, déi d'Mënschheet wéi an enger Kettereaktioun bis haut an och virun aus enger Katastroph an déi aner dreift. Dat stëmmt natierlech; mä d'Historiker an aner Spezialiste wäerten sech d'ganzt Joer 2014 op all méiglech Fassong doriwwer ausschwätzen, zermeschten, schreiwen a weisen ... esou vill a breet a grujeleg, datt no enger bestëmmter Zäit keng „Spannung“ méi dran ass. Méi ewéi traureg, leider ower wouer!

Datt och d'Preisen 1867 den „Traité vu London“ iwwer déi „éiweg Neutralitéit“ vum Grand-Duché mat ënnerschriwwen haten, huet hire Kanzler Beethmann-Hollweg net dru gehënnert, géint de Protest vun eiser Regierung, ë. a. och **dee Vertrag als „Fetzen Papier“ ze klasséieren ... an domat Lëtzebuerg als eng Zort „Jojo“ ze kucken an ze behandelen ... an anerer domat an e Spillchen eranzedreiwen, an deem eist Land nach just den „Hond am Keelespill“ war ... dat war d'Situatioun!**

Datt deemools sougenannt „nationalisteschen“ Tendenzen eng Roll gespilt hunn, kann dach nëmmen ee verwonneren, dee keen Donst vun eiser Geschicht am Ufank vum 20. Joerhonnert huet. Datt déi Zäit Leit ewéi de Lucien Koenig (alias Siggy vu Lëtzebuerg), Demy Schlechter, Nicolas Ries, Batty Weber (!), Nik. Welter, de Staatsminister Paul Eyschen an e sëllegen anerer sech fir d'Roll vun eiser Sprooch als Identitéitselement an d'Sträng gehäit hunn ... **dat hat näischt mat „Nationalismus“ ze dinn, wéi en haut vu Multikulti-Artisten nach ëmmer bewosst falsch interpretéiert gëtt;** et gong ëm d'Existenz vun eisem Land: dogéint, datt mir e Stëbbeck vu Frankräich oder e Motzeck vun der Belsch sollte ginn.

D'Preisen haten 1918 hir Klatzen all an de Kullang gesat, natierlech och d'Zollunioun, an deer mir jo waren. Hei am Land selwer guffen d'Fransouse vu „Republikaner“ ugehimmelt an d'Belsch haten eng „Lobby“, déi ewell mam Leopold II. am Congo op d'Juegd gaang ass ... et ass eng verwurrelt an deelweis aremséileg Geschicht ... mä och eng houfreg Geleeënheet fir all déi, déi beim Referendum vun 1919 deem ganze Gefiederméichels de „Reedel“ zougessouss hunn, de „Rusemi geschneet“, wéi et an engem ale Sproch beim Professor Joseph Hess heescht! **Datt do déi jonk „Nationalunioun“ eng indirekt Roll gespilt huet, liest sech aus hiren eegenen an anere Publikatiounen eraus, och wann een net mat deenen hëtzegsten, deelweis och antisemitischen Iwwerdreiwunge kann averstane sinn,** déi gespruddelt hunn, wéi wann d'Gromperen iwwerlafen ... aplaz no eiser Sprooch an der Schoul ze kucken, wou no dem Gesetz vun 1912 an dem Welter/Engelmann-Buch vun 1914 (!!!) näischt Zerguttstertes méi gemaach ginn ass. Och net verwonnerlech, datt sech no 1920 eng Partie aktiv Membren, net deer allermannster, aus der „Nationalunioun“ erausgemaach hunn.

Ënner aneren Ursaache kann een dofir och verstoen, datt eis Sprooch bei deene „verstännege“ Memberen souzesoen net méi an der Fieder war ... stellt iech emol vir, de Batty Weber hätt säin originellen „Abreißkalender“ vun 1917 bis 1940 wéinstens eemol d'Woch an sengem genëssege Lëtzebuergesch gemaach, sou ewéi an sengem „Schéifermisch vun Aasselburen“.

Mir fanne vun no 1815 un am geschriwwene Lëtzebuergesch ëmmer erëm Leit, déi e Gefill fir eis Sprooch an hir Roll als Element fir eng Heemecht haten. Déi war fir si, ass fir äis a bleift fir eis Kanner méi wichteg, wéi datt Lëtzebuerg e provinzielle Wutz vun iergendengem Staat vu rondrem wier; da wiere mir d'Frontalieren! Wat 1914 am August ugefaang huet, hätt äis d'Existenz als Staat a Land Lëtzebuerg kënnen kaschten ... a mir wiere flott erausgewiescht, oder!


Féngeren ...?

Ass et iech ewell opgefall, datt een a propperem Däitschen näischt mat „*fingern*“ ufänke kann; e franséisch Verb „*doigter*“ sicht dir ëmsoss. Bei äis huet dat „féngeren“ a „Geféngers“ ower ganz interessant Bedeitungen.

De Misch huet e flott Geschäftche gemaach ... **do hat hien et geféngert.** Wéi ech dem Alice watgelif gesot hunn, hat ech et geféngert. Dat Geféngers déngt näischt, maach dat Déngen zerguttst. Am Fong huet dat typesch lëtzebuergesch Verb déi eng Kéier eng positiv Bedeitung; et kann sech anescht ower och ganz negativ weisen ... op jiddwer Fall: Lëtzebuergesch. Klenggekeeten? Mä dat ass d'Speis, déi d'Sprooch zesummenhält.

*Ein Mitglied a Fréier
sill Zufriedenheit a Chance
fir dat ueit Joer!*

vum Lex Roth



André Faber

Den Treff

Sot emol een äis, firwat dat „Getreffs“ soll méi wäert sinn ewéi e Rendez-vous (natierlech franséisch ... ower „Trottoir a Pâté“ och!); wien deen net am Gebrauch huet, dee ka jo ëmschreiwen: Mir gesinn äis, begéinen äis, komme beieneen asw. ass vill méi einfach. **E „Klassentreffen“ ass och alt net dat Gielt vum Ee,** wann et ëm e „Konveniat“ geet; deen ass zwar Latäin (convenire = zesummen-/beieneekommen). Den „Treff“ an „sech treffen“ ass ewéi eng Pautsch an deem schéinen einfachen an natierleche Gesiicht vum Lëtzebuergesch.

Gewëss, et kommen a jiddwer Sprooch nei Ausdréck op, an anerer (aler?) verschwannen. Den „Treff, Treffen“ ass ower guer net nei; dat guff genee ewéi Dosenden aner iwwerflësseg Sproochfassongen einfach aus dem Houdäitschen erageholl. Eng Zort **Sproochmuttwëll!**

Ee lasszéien

Nach deer Riedensarten eng, déi eiser Sprooch hiert eegent Gesiicht weisen. Mam Däitsche „losziehen“ (lassgoen) huet et an der Bedeitung nullkommanäischt ze dinn; **et gehéiert an d'Rei vun den Ausdréck, déi mam Kanner-Winnen ze dinn hunn ...** dat „Winnen“ ass iwwregens och esou en typeschen Ausdréck, deen sech jo bal historesch am Stadgronn weist, wou een aus dem Lift eraus laanscht déi sougenannt „Winn-Schoul“ geet ... do sollt „gewinnt a gezillt“ ginn, alt erëm speziell EISES.

Sicht iwregens emol eis Ausdréck am Sënn vu Beetschen a Lasszéien. Mir wëllen hei net iwwer d'Saach selwer schwätzen, ower dir wësst, wat et geheescht huet, wann de Papp oder de „Kannerbeetschert“ ee „lassgezunn“ huet; dat war net eng Kleng „an de Bak“, do huet et richteg „gebottert/geklaakt“ ... mä da probéiert emol, dat op Däitsch oder soss eng Sprooch ze iwwersetzen. Dir gitt net lassgezunn, wann et dolaanscht ass.

Deessem, Bréissem, Kuuscht

Haut gëtt nach knapps en Deeg fir Brout mat Deessem „ugesat“; „Sauerdeeg“ ass hei iwwregens ni a Fro komm. Schued fir déi gutt „Schmier“, well dee Goût ass mat kengem Gepudders a soss Hief-Gedreifs nozemaachen, och wann zwou Dose Broutzorte feel sinn; dat ganzt modernt „Gedeessesms“ gëtt och dee fade „Bréissem“ net lass ... deen een dofir aus de Bréidercher erauskroopt, fir datt nach eng „Kuuuscht“ iwwreg soll bleiwen ... an der Zäit war fir vill Leit de Bréissem souguer dat Genësseg! Firwat?

Zënter datt d'Kuuuscht mat Chimie kruppseg gemaach gëtt, ass se jo och sprocheméisseg nëmme méi „knuspereg“. Iwwregens kënnen mir hei och un eist typesch „kuuschteg“ Kuuschtert, d'Kuuuscht verdéngen denken. Also nach eng Kéier: All Sprooch mécht nei Wiederer bäi a verléiert „aler“ ... **bei äis heescht dat leider en Ausdréck vun „do iwwer“ an d'Plaz vun eisem ze quëtschen; dat geet souzesoe mam „Tatort“ eran.** Am Fall vun de Wiederer hei uewen ass et nach kengem Fransous agefall, *de levain, d'mie an d'croûte* ëmzedeefen. Mir loosse äis sprocheméisseg vum Däitschen iwwerrennen. Näischt géint de Schiller, mä muss dat sinn?

Dann iwwersetzt ...

Dir wiert iech engem senger méisseg gaang, wéi en iech op Strëmp gong – dir hätt es elo genuch mat deem Gestëppels – äre queeschen Noper giff iech net goen – d'Jeanny hätt sech fir op de Bal noneegemaach – de Klitschko hätt de Smith noneegemaach – de Jos hätt sech geflass/getommel, fir matzäit ze kommen – dat neit Joer giff och alt net watderdäiwel besser – dir wiert rosen iwwer dat Gejäiz op der Strooss – et hätt ee séier genuch, mä dacks géng et net duer – de Jong soll sech méi druginn – de Jim wier e vermengte Bretzert – d'Ditti hätt sech nawell ferm mam Danzen druginn – d'Ketti wier zwar ëmpege, ower net ze gouereg – de Pol wier an de Krich gang – haut wier hien en ale Pätter, mä lous an der Bëls a glat net tierkleg ...

Gelungen, ower wouer

Et fällt äis leider net ëmmer op, wéi speziell eis Wiederer an Ausdrécksfassonge kënnen sinn: **esou „extra“, datt keen aus engem anere Sproochraum derduerch gesäit.** Uganks de 50er-Joren ass jo vill a laang iwwer Europa-Zesummenaarbecht verhandelt ginn; eisen Ausseminister Joseph Bech hat mat kenger Sprooch Krämpes, déi do geschwat guff ... de Robert Schuman och net, well hie jo hei gebuer a bis 20 Joer och zu Lëtzebuerg doheem war. Wann déi zwéi grouss Männer net wollten hunn, datt déi aner si konnte verstoen, dann hu si einfach Lëtzebuergesch matenee gededegt, wat Adenauer, Spaak, de Gasperi asw. ... natierlech gefoxt huet. Déi hätten déi zwéin dacks am léifste „gelantert“, mä de Schuman an de Bech hunn sech gutt dobäi ameséiert; Zeien: de Pierre Werner! Wou mir un dat „Gelanter“ kommen, ass schwéier erausfannen; dat, grad ewéi Dausende vun anere Beispiller ginn dem Lëtzebuergesch ower en eegent Gesiicht, dat onverwieselbar ass.